- La situation des droits humains en Chine ; la situation des Ouïghours ; Hong-Kong ; Taïwan – il est impératif que nous continuons à dénoncer les violations continues par le régime chinois des droits humains au Xinjiang, la répression de l'opposition démocratique à Hong Kong ainsi que l'intensification des provocations militaires

- chinoises à Taïwan ; dans sa résolution de janvier 2022, le PE a aussi invité la Commission, le Conseil et les États membres à décliner les invitations aux représentants des gouvernements à se rendre aux Jeux olympiques d'hiver de 2022 à Pékin
- Le sujet de la « due diligence » c'est-à-dire la responsabilité des entreprises en matière de droits humains et de l'écologie – la Commission européenne vient de présenter fin février de cette année sa proposition de directive visant à établir des règles relatives au respect des droits de l'homme et de l'environnement par les entreprises dans les chaînes de valeur mondiales

Sujets liés à la Commission LIBE (Libertés civiles, justice, Affaires intérieures) :

- Rapport de l'année 2021 sur la situation de l'État de droit dans l'Union européenne (détérioration de certaines situations en rapport avec l'État de droit et le respect des droits fondamentaux dans l'Union européenne : situations particulièrement préoccupantes en Pologne et en Hongrie)
- Je suis membre de la Commission AIDA qui présente le rapport sur l'intelligence artificielle à l'ère du numérique (l'importance d'avoir une IA digne de confiance, centrée sur l'humain et l'éthique ainsi que la nécessité d'encadrer juridiquement son usage dans les différents secteurs d'application au sein de l'Union européenne tout en préservant la compétitivité des entreprises développant des technologies d'IA ; je suis membre de cette Commission)
- Défense de la liberté de parole, du pluralisme des médias & lutte contre l'impunité pour les crimes contre les journalistes d'investigation ; j'ai participé à différents débats sur le sujet et fait des interventions en plénière (notamment sur l'utilisation abusive d'actions au titre du droit civil et pénal, i.e., « SLAPP », pour réduire les journalistes, les ONG et la société civile au silence)
- Défis politiques et juridiques que posent les logiciels de surveillance aux droits fondamentaux, tels que le droit à la vie privée et la liberté d'expression - besoin de mieux réglementer la vente, le transfert et l'utilisation des technologies de surveillance, cf. scandale du logiciel espion Pegasus
- Contrôle démocratique des médias sociaux et protection des droits fondamentaux - ce qui est illicite hors ligne

doit aussi l'être en ligne (accord du Parlement européen sur le projet de législation sur les services numériques, i.e., « Digital Services Act » qui a pour objectif de lutter contre les contenus illicites, en définissant la responsabilité et les obligations des acteurs du numérique et en améliorant les processus de modération de contenus)

- Rétablissement des règles du jeu équitables pour les entreprises sur le marché unique numérique (accord du Parlement européen sur la proposition de législation sur les marchés numériques, i.e., « Digital Markets Act » qui vise à favoriser l'innovation et interdire les pratiques déloyales des grandes plateformes en ligne qui contrôlent l'accès aux marchés numériques)
- L'Agence des droits fondamentaux de l'Union européenne comme gardienne des droits fondamentaux de l'Union européenne – intervention en plénière

J'ai été nommée rapporteur permanent fictif du Groupe PPE pour la situation en Hongrie et je travaille en ce moment sur le :

Rapport intérimaire au titre de la procédure de l'article 7(1) du TUE en ce qui concerne la Hongrie.

Dans ce contexte, j'ai fait partie d'une délégation de sept députés européens qui s'est rendue en mission parlementaire en Hongrie pour évaluer sur le terrain le respect de la liberté de la presse et académique, l'indépendance de la justice, les droits des minorités et le contexte plus large de l'État de droit.

Je voudrais aussi relever que nous avons décerné le Prix Sakharov pour la liberté de l'esprit 2021 à Alexei Navalny, politicien d'opposition russe et activiste anti-corruption, reconnaissant ainsi son courage dans sa lutte pour les droits humains et les libertés fondamentales.

Un dernier élément qui me tient tout particulièrement à cœur car il implique directement tous les citoyens européens : Je suis membre du groupe PPE pour la Conférence pour l'avenir de l'Europe et je m'investis particulièrement dans le groupe de travail "Culture, Éducation, Jeunesse et sports". Depuis que la Conférence a été lancée en mai 2021, la plateforme multilingue numérique, futureu.europa.eu, a enregistré plus de 6,000 événements, débats et conférences organisés dans tous les États membres de

l'Union et plus d'un demi-million de citoyens y ont partagé leurs idées sur l'avenir de l'Europe. La Conférence se conclura au printemps de cette année et parviendra à des conclusions qui traduiront les principales propositions des citoyens européens sur l'avenir de l'Europe.

Voir enfin ci-dessous la liste de mes interventions en plénière du Parlement européen (depuis notre congrès CSV en avril dernier) – si vous cliquez sur ces titres vous aurez accès au texte et à la vidéo de l'intervention

[Violations des libertés fondamentales à Hong Kong \(débat\)](#)

[Année européenne de la jeunesse 2022 \(débat\)](#)

[Situation en Biélorussie et à sa frontière avec l'Union européenne: conséquences sécuritaires et humanitaires \(débat\)](#)

[L'aggravation de la crise humanitaire à la frontière entre la Biélorussie et l'Union européenne, en particulier en Pologne \(débat\)](#)

[Renforcer la démocratie ainsi que la liberté et le pluralisme des médias dans l'UE \(débat\)](#)

[La crise de l'état de droit en Pologne et la primauté du droit de l'Union \(suite du débat\)](#)

[Les relations politiques et la coopération entre l'UE et Taïwan \(débat\)](#)

[Situation en Biélorussie après une année de manifestations violemment réprimées \(suite du débat\)](#)

[Liberté des médias et nouvelle détérioration de l'état de droit en Pologne \(débat\)](#)

[Situation en Afghanistan \(débat\)](#)

[Violations du droit de l'UE et des droits des citoyens LGBTQI en Hongrie par suite de l'adoption de modifications de la législation au Parlement hongrois - Résultat des auditions organisées le 22 juin au titre de l'article 7, paragraphe 1, du traité UE en ce qui concerne la Pologne et la Hongrie \(débat\)](#)

[Régime mondial de sanctions de l'UE en matière de droits de l'homme \(loi Magnitsky de l'Union\) \(débat\)](#)

[Rapport 2020 sur l'état de droit de la Commission \(débat\)](#)

[Situation de l'état de droit dans l'Union européenne et application du règlement \(UE, Euratom\) 2020/2092 relatif à la conditionnalité \(débat\)](#)

[Certificat COVID numérique de l'UE - citoyens de l'Union - Certificat COVID numérique de l'UE - ressortissants de pays tiers \(débat\)](#)

[Agence des droits fondamentaux de l'Union européenne : rapport intérimaire \(débat\)](#)

[Certificat vert numérique - citoyens de l'Union - Certificat vert numérique - ressortissants de pays tiers - L'accessibilité et le caractère abordable des tests de dépistage de la COVID-19 \(débat\)](#)

Je suis à votre entière disposition pour répondre à toute question que vous auriez : isabel.wiseler@ep.europa.eu . Vous pouvez également suivre mon travail au fil des jours, je publie régulièrement sur ma page personnelle Facebook : <https://www.facebook.com/isabel.wiseler> & sur ma page officielle <https://www.facebook.com/isabel.wiseler.lima>

CSV-SENIOREN

Am Joer 2021 war Corona-bedéngt erém kee Kongress vun den CSV-Senioren.

Am Mäerz 2021 war de Streaming iwwer Internet vun der "CSV Fraktiouen on Tour" an deene verschiddene Bezickerker, wou mir eis och erageloggt a mat diskutéiert hunn.

Den 20. Juli hate mir eng Kommitées-Versammlung, un där och de Parteipresident Claude Wiseler, de Generalsekretär Christophe Hansen an déi 2 Fraktiounspresidenten Martine Hansen a Gilles Roth deelgeholl hunn. An där Versammlung krute mir énner anerem e puer Detailer matgedeelt iwwert déi nei Organisatioun vun der Partei

De 25. September ware mer um ausseruerdentlechen Nationalkongress vun der CSV zu Uewerkuer vertrueden, bei deem de Projet „Statutereform“ virgestallt gouf. Fir déi Statutereform haten d'CSV Senioren eng Partie Ännervirschléi gemaach, déi deelweis och ugeholl goufen.

D'ESU, d'Europäesch Senioren-Unioun, huet vum 23. bis de 25. September 2021 zu Madrid hire 25. Anniversaire gefeiert, bei deem d'CSV Senioren mat 2 Leit vertrueden waren. Eigentlech waren et am Joer 2020 scho 25 Joer dat d'ESU gegrënnt gouf, awer wéinst der COVID19-Pandemie gouf déi Feier op d'Joer 2021 verluecht. Zousätzlech war bei där Geleeënheet oche en ausseruerdentleche Kongress vun der ESU mat 2 Haaptpunkten, nämlech eng Ännierung vun de Statuten an dem interne Reglement an d'Unhuele vun der ESU-Resolutioun "Für eine aktive und kompetente Teilhabe aller an einer widerstandsfähigen digitalen Gesellschaft: die Notwendigkeit von Medien- und Informationskompetenz für alle Altersgruppen".

Den 20. Dezember war erém eng Kommitées-Versammlung, an där mir eise Kongress virbereet an iwwert politesch Aktualitéiten diskutéiert hunn.



De Kommitée vun den CSV-Senioren huet sech folgendermoossen zesummegesat:

Éierepresentant: Marcel Glesener
President: Fernand Boden
Vizepresidenten: Astrid Lulling, Clode Carbon-Frisch, Théo Karier
Sekretärinnen: Suzette Dostert-Wagener, Liliane Failla-Bechdolt
Keessjee: Cécile Martin-Bühler
Memberen : Charles Bingen, Johny Gaspard, Albert Heinen, Maisy Langenbach-Bertolini, Roger Lutgen, Lucien Majerus, Guy Modert, Norbert Nick, Louis Oberhag, André Theisen.

Kooptéiert
Memberen: Marie-Josée Bellot, Jean Spautz, Léon Wietor.

D'Vertrieider vun de Senioren am Nationalrot: Suzette Dostert, Liliane Failla, Roger Lutgen, Guy Modert an Norbert Nick.

Eis Vertrieider an der Europäescher Seniorenunioun (ESU) waren: Astrid Lulling, Clode Carbon a Fernand Boden.

D'CSV-Senioren sinn duerch hire President Fernand Boden och am Nationalkommitee vertrueden.

Duerch eis Vertrieider am Nationalkommitee, am Nationalrot, an de Bezickerker an an der ESU ware mir émmer an deene verschiddene Gremien vertrueden an doduerch informéiert iwwer d'Aktualitéiten an der Partei.

Fernand Boden
Président

Suzette Dostert-Wagener
Secrétaire

CHRËSCHTLECH-SOZIAL GEMENGERÉIT

De leschte Kongress war den 03.03.2021 zu Biergem. Op désem Kongress ass ee neie Comité gewielt ginn. Haaptthema war de Wunnengsbau mat Interventiounen vum Marc Lies.

Mir haten 5 Komitee's-Versammlungen am Joer 2021. An onser éischter Reunioun, den 31. Mäerz 2021 hu sech d'Memberen vum neie Comité présentiert a mir hunn déi nach oppe Plazen am Comité thematiséiert. Doniewent hu mir hei och déi aktuell Situationsn vun der CSV diskutéiert, betreffend d'Émstänn an d'Repercussionen vun der faktescher Demissiouen vum Parteipresident Frank Engel. Den Akzent heibäi war och de Wonsch méi déifgräifend Changementer un der Spëtzt vun der CSV émzesetzen.

D'Diskussiounen an onse Reuniounen hunn d'Erausforderungen betraff, déi fir ons an deene nächsten zwee Joer ustinn, datt mir als CSG déi gutt Aarbecht, déi vun all onse Mandatairen an de Gemenge gelesen ginn ass, no baussen an no banne vermettelen an dést och als Basis huelen, fir ons fir déi nächst Gemengewalen opzestellen. Dofir musse mir et och besser färdeg bréngen, ons Basis méi eescht a wichteg ze huelen, also keen 'Élité Denken' méi zouloossen. Dést bedéngt, déi wichteg Themegebidder um kommunale Plang ze diskutéieren an dést als Basis ze huelen, fir un engem kommunale Rahmenprogramm fir d'Gemengewalen ze schaffen. Hei gëllt et och, verstärkt op ons auslännesch Matbierger zouzegoen, fir hier Suergen an Doleancen och ze berécksiichtegen an ons déi Wielerschichten nach besser ze erschléissen. D'Kommunikatiounspolitik vun der CSV muss och nei opgestallt ginn, méi proaktiv, koherent a professionell a virun allem och méi accessibel fir déi jonk Generatioun. Mir brauchen och ee gesonde Mix u jonken, motivéierten Leit mat erfuerenen, eeleren engagéierten Leit an alle Gremien vun der Partei.

Zesummen mam Claude Wiseler hate mir och eng Reunioun iwwer de Projet de loi vum Walgesetz op kommunalem Gebitt, betreffend hei d'Residenzklausel fir ons auslännesch Matbierger. Mir sinn hei zum Schluss komm, datt mir mat der Ofschafung vun déser Residenzklausel averstane sinn, mir dann hei awer eng vill besser Opklärungspolitik fir ons auslännesch Matbierger erwaarden, fir hinnen all d'Informatiounen zougänglech ze maachen betreffend d'Rechter a Flichten bei de kommunalen Walen.

An deenen leschten zwou Reuniounen hu mir ons exklusiv mat der Preparatioun vun de 'Gemengenassisen' beschäftegt an déi préparéiert. Mat de Resultater vun dése Gemengenassisen erstellen mir als CSG ee Kaderprogramm fir d'Gemengewalen vun 2023. Dëse Rahmenprogramm muss am Hierscht 2022 disponibel sinn.

Fir ons als CSG ass och evident, datt mir déi nächst Gemengewalen musse wannen, fir eng gutt Ausgangsbasis fir d'Chamberwalen ze hunn.

Nico Pundel
CSG-President

Jean Boden
CSG-Sekretär

CHRËSCHTLECH-SOZIAL FRAEN



Eis Aktualitéit ass lo schonn zénter 2 Joer dominéiert vum COVID an d'Aktivitéiten vun der CSF National sinn och deementspriechend moer ausgefall. Leider hu mir am vergaangen Joer kéng gréisser Aktivitéiten ofgehalen a mir hunn eis just op eis Aufgaben an de verschiddenen Gremien beschränkt an deenen mir vertruede sinn.

Et war ganz sécher eng Première fir eis Partei datt déi 4 Bezierkskongresser zesummen mam Nationalkongress den 24. Abrëll 2021 ofgehalen goufen. Datt dést och nach an digitaler Form huet missen statt fannen, huet d'Organisatioun natierlech net méi einfach gemaach. Ech wëll dofir op déser Platz der Partei an der Exécutive nach eemol félicitéieren fir de gelongenen Kongress. Ech wëll eiser Partei an all eise Memberen awer nach aus engem zweete Grond félicitéieren: fir t'éischt, an der Geschicht vun eiser Partei, sinn Walen ofgehale ginn fir d'Bezierksdélegéiert an d'Nationaldéléguée ze wielen ouni datt huet missen déi ominéis Frae-Quot an d'Spill kommen. An der Vergaangenheet koum et leider émmer zu Situationen wou den een oder anere Mann huet misse Plaz maachen fir eng Fra déi dann fir hien no geréckelt ass. Dat huet oft zu Frust an Onverständnis gesuergt, Frust bei dem betraffenden Mann den de Stull huet misse fräimaachen, obschonn hien demokratesch gewielt gi war, a

Frust bei der betraffener Fra wëll si als Quote Fra ofgestempelt gouf. All déi Efforten déi an der Vergaangenheit vun eise Virgängerinnen énnerholl goufen déi sech fir d'Aféierung vun enger Quot a fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter agesat a gekämpft hunn, goufen domadder fir hiren onermiddlechen Asaz belount.

Den ausseruerdentlechen Nationalkongress den 25. September 2021 war ee weidere Rendezvous am vergangene Joer wou eis Partei d'Weiche fir d'Zukunft gestallt huet an d'Statuten goufen an dem Senn ugepasst datt an d'Zukunft all déi wichteg Funktiounen an eiser Partei sollen duebel besat ginn a wou bëid Geschlechter vertruede sinn.

No de Walen vun eisem neie Parteipresident dem Claude Wiseler, hu mir den 1. Juli 2021 ee Nationalcomité vun der CSF aberuff. Leider konnt dës wichteg Réunioun nëmmen an digitaler Form statt fannen wëll de COVID eis weider a Schach gehalen huet. An déser Réunioun huet de neie Parteipresident mat eis zesummen iwwert d'Zukunft vun eiser Partei geschwat.

Eng weider Réunioun vun eisem Gremium huet den 22. September stattfonnt déi och rëm énnert digitaler Form statt fonnt huet.

Den 20. November 2021 war d'Marche Orange zu Esch Uelzecht wou déi Groussherzoglech Koppel drun deel geholl huet a wou mir als CSF och mat vertrueden waren.

Eise Nationalkongress hu mir den 11. Mäerz 2022 ofgehalen an de Bilan vum vergaangene Joer gemaach. Am Hierscht organiséieren mir een aussergewéinlechen Walkongress vun der CSF fir d'Posten nei ze besetzen. Mir hoffen datt et bis dohinner dann och rëm méiglech ass de Kongress énnert normale Bedingungen ofzehalen.

Annie Nickels-Theis
Nationalpresidentin CSF

CHRËSCHTLECH-SOZIAL JUGEND

Viru bal genau engem Joer, de 27. Mäerz 2021, war den eischten digitalen Nationalkongress an der Geschicht vun der CSJ. Och wann d'COVID-19 Pandemie eis weiderhi begleet (huet), hu mir als CSJ 2021 eng Partie Aktivitéiten an Aktioune konnten duerchzéien.

Esou hu mir kuerz nom Kongress eis Video Serie #ZukunftAssElo. Hei hu mir jonk CSJ'erInnen an d'Vitrinn gestallt déi elo schonn an hirer Gemeng aktiv sinn. Sief et an der lokal Sektoun vun der CSJ/CSV, enger Gemengekommissioune, oder och nach als Gemengerot oder Buergermeeschter. Den Ophänkert vun déser Serie war et, datt mir als Jonker vun der CSV schonn haut Verantwortung an iwwer 30 Gemengen zu Lëtzebuerg iwwerhuelen an eis um nationale Plang fir nei Iddien an e neie Schwong asetzen.

Iwwert d'Joer gekuckt huet den CSJ Nationalcomité sech 6 mol getraff an un diversen Theme geschafft. Fir némmen e puer ze nennen:

- Op der Pressekonferenz, de 7. Mee 2021, hu mir eis Positiounen zum Wunnengsbau presentéiert (national Spekulatiounstaxe op Bauland dat net bebaut ass an op Wunnengen déi eidel stinn, Erweiderung vum Bauperimeter op deene Plaze wou et sénnvoll ass, Investissement vun enger Milliard Euro vum Staat an de Wunnengsbau, asw.)
- Den 20. Mee huet d'CSJ um Jugenddësch zum Thema "Psychesch Gesondheet a Wuelbefanne bei

Jugendlechen" deelgeholl. Fir d'CSJ ass d'mental Gesondheet e Grondbedierfnis.

- De 29. Juni hu mir eng Online Konferenz mam Nicholas Boys Smith vu "Create Streets" aus London organiséiert. Hei hu mir zesumme mat him diskutéiert wéi mir schéin a nohalteg éffentlech Reim a modern Stied gestalte kënnen. D'Konferenz kann een op eiser Facebook Säit nokucken.
- De 17. November hu mir eist Event "Du wollts et jo sou! Erfarunge vu jonke Politiker an der Gemengepolitik" organiséiert. Hei huet de Fréd Ternes säi Buch iwwer Gemengepolitik virgestallt éier mir zesumme mam Elisabeth Margue an dem Fréd Ternes fir d'CSV, dem Jessie Thill fir déi Gréng, dem Sammy Wagner fir d'LSAP an dem Mike Poiré fir d'DP eng flott an interessant Podiumsdiskussioun iwwer hir Erfarungen an der Gemengepolitik haten. Dëst Event kann een als Podcast op Spotify oder Apple Podcasts lauschteren. Hei geet et duer nom Titel vum Event ze sichen.

Bei all deem hu mir awer net vergiess och zesummen als Kolleegen eppes ze énnerhuelen. Esou si mir vrou, datt mir am September e Weekend zu Beefort organiséiere konnten an zesummen op den eischte Match Lëtzebuerg géint Irland an den neie Stadion waren. Fir d'CSJ gëllt et elo eis Membere beschtméiglechst virzebereeden a mat 150 jonke Kandidaten d'Gemengewalen 2023 ze goen. #ZukunftAssElo



CSV NORDEN

D'Joer 2021 war, wéi och d'Joer 2020, gepräagt vun der Corona-Pandemie, den Auswirkunge vun der Pandemie op d'Gesellschaft, d'Schoulen an énner anerem op d'Wirtschaft.

Esou war och dat lescht Joer fir d'CSV Norden. Mer hunn téschent digitalen a physesche Reuniounen gewiesselt, hunn schlussendlech eisen Neijoerschpatt ofsoe missem, waren awer immens frou fir eise Bezierkskongress physesch zu Wegdichen ofhalen ze können.

Hei d'Joer kuerz an Zuelen:

- 24. Abrëll 2021: Nationalkongress mat Wahl fir de neien Bezierkscomité - Jeff Boonen gëtt Bezierkspresident.
- 6. Mee 2021: Bezierkscomité CSV Norden - Online, Zesummesetzung vun der neier Exekutiv vun der CSV Norden.
- 7. Juni 2021 Bezierkscomité CSV Norden - Online, Virstellung vum geplangten Contournement zu Ettelbréck/Dikkrech - Jean-Paul Schaaf huet et virgestaalt.
- 3. Juli 2021 Nolauschter-Tour vun der CSV-Fraktiou zu Wolz op der Braderie an zu Ettelbréck op der Foire agricole
- 20. Juli 2021 Bezierkscomité CSV Norden - Mäerzeg
- 23. Juli 2021 Velo Wéntger
- 20. Dezember 2021 Bezierkscomité - online
- 3. Februar 2022 Bezierkscomité - Folscht
- 1. Mäerz 2022 Bezierkskongress - Wegdichen

CSV OSTEN

25.01.2021 Bezierkscomité – Videokonferenz

Diskussioun an Informatiouen iwwer d'Méiglechkeete fir Kongresser ze organiséieren

02.04.2021 Bezierkscomité – Videokonferenz

Diskussioun iwwer d'Situatioun an der Partei

19.04.2021 Bezierkscomité – Videokonferenz

Diskussioun vum Aktivitéitsrapport a Keesebericht
Vott iwwer den Aktivitéitsrapport a Keesebericht

06.05.2021 Bezierkscomité – Videokonferenz

Bestëmmung vun de Posten

Agenda fir déi kommend Méint

21.06.21 Bezierkscomité – Hybrid Fluessweiler & Videokonferenz

Austausch mat de Responsabele vun der Sektion
Fluessweiler

Festleeë vun Themen an Aktivitéite fir d'Joer 2021

05.10.21 Bezierkscomité zu Rued/Syre

Austausch iwwer d'Thema Educatioun

25.10.21 Bezierkscomité – Hybrid Munneref & Videokonferenz

Diskussiounen iwwer d'Thema Transport
Austausch iwwer d'Aktivitéite vun der CSJ-Osten

14.12. 2021 Bezierkscomité Videokonferenz

Diskussioun iwwer d'Organisatioun vun engem Neijoerschappat a vum Kongress
Austausch iwwer déi politesch Aktualitéit
Wünsch vum Comité fir 2022

19.01.2022 Erweiderte Bezierkscomité zu Jonglënster

Austausch mat de Partei- a Fraktiouunsspätzten

28.02.2022 Bezierkscomité zu Waldbriedemes

Workshop CSV

08.03.2022 Rued/Syr & Videokonferenz

Kongress vum Bezierk Osten

Doniewent hate mir als Aktivitéiten een digitalen Op de Punkt dee mir raus ginn hunn an och een digitale CSV On Tour mat der Fraktiouen.



Vertrieeder vum Bezierkscomité zesummen um Riesling Open

CSV OSTEN

CSV SÜDEN

Méindes, den 10 Mee 2021 – Videokonferenz

Südbezierkscomité
Eischten Comité no den Wahlen
Bestëmmung vun Posten
Agenda fir kommend Joeren

Donneschdes, den 8 Juli 2021 – Stengefort, Al Schmelz

Erweiderte Südbezierkscomité
Austausch mat der néi gewielter Exekutiv vun der Partei

Donneschdes, den 12 August 2021 – Videokonferenz

CSV Süden Exekutiv
Statutenänderung : Diskussioun an Amendementer

Donneschdes, den 14 Oktober 2021 – Esch, Gemeng

Erweiderte Südbezierkscomité
Austausch mam Député-maire Georges Mischo iwvert Kulturjoér 2022 an mam Député-échevin Marc Spautz iwvert di politesch Aktualitéit an den Etat de la nation

Donneschdes, den 2 Dezember 2021 – Mamer, Kinneksbond

Erweiderte Südbezierkscomité
Virgesinn war en Virtrag vum Député-maire Gilles Roth iwvert den Budget 2022, allerdéngs gouf sech kuerz-fristeg émentscheed eng Diskussioun iwvert di aktuell Situatioun vun der CSV souwéi den CSV Fréndeskrees Prozess ze halen

Méindes, den 3 Januar 2022 – Videokonferenz

CSV Süden Exekutiv
Organisation 2022
Preparatioun Südbezierkskongress

Dénschdes den 1 Februar 2022 – Videokonferenz

CSV Süden Exekutiv
Preparatioun Südbezierkskongress

Donneschdes, den 24 Februar 2022 – Videokonferenz

CSV Süden Exekutiv
Preparatioun Südbezierkskongress

Donneschdes, den 3 Mäerz 2022 – Stengefort, Centre Culturel Keeseminnen

CSV Membren vum Süden
Südbezierkskongress

CSV ZENTRUM

Am Juni hate mir eng éischt Sëtzung, an der mir d'Exekutiv vun eisem Komitee bestëmmt hunn.

Wat déi zwee Vizepresidenteposten ubelaangt, musste mir esouguer eng Wal ofhalen.

Mir hu fénnef weider Membere kooptéiert an hunn eng Persoun als Invité dobäi geholl.

Eise President huet eis erklärt, wéi hien sech an Zukunft, d'Aarbecht vum Bezierkskomitee virstellt.

Am November hu mir an enger Sëtzung iwwert d'Zukunft vun eiser Partei geschwat, dorriwwer, wéi déi eenzel Leit sech abréngen, fir dës Zukunft erfollegräch ze maachen.

Mir hunn awer och iwwert d'Perspektiven vun de jonke Leit an eiser Partei geschwat a mir hunn dorriwwer geschwat, wéi mir déi nächst Chamberwalen uginn.

Eng Rei Sektionen hunn eis matgedeelt, wéi d'Stëmmung bei hinnen ass, a mat wat fir enge Problemer si ze kämpfen hunn, besonnesch am Hibleck op déi nächst Gemengewale.

Am Dezember hu mi eng Sortie op de Chrëschtmaart gemaach, fir an engem méi entspaante Kader kënnen ze diskutéieren.

Am Februar huet eise President sech mat der Sektion Sandweiler zesumme gesat, fir sech hir Problemer un ze héieren a fir mat hinnen zesummen no Léisungen ze sichen.

E puer Woche méi spéit huet eng änlech Sëtzung mat der Sektion Schëtter stattfonnt.

Och do muss de Sektionsmemberen nogelauschtbert ginn a Problemer müssen ugaange ginn.

Als nächst hu mir vir, eis mat de Mandatsträger aus eisem Bezierk zesummen ze sätzen, fir de Wee bis 2023 ze beschwätzen.



CHRËSCHTLECH-SOZIAL
VOLLEKSPARTEI

Impressum:
CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI
4, rue de l'eau, L-1449 Luxembourg
Boîte postale 826, L-2018 Luxembourg
Tél. 22 57 311 - FAX 47 27 16
Email csv@csv.lu - csv.lu